Sektioun Käl Téiteng

**Téiténg, den 22 Dezember 2021**

**D'LSAP KälTéiteng fuerdert hiert Mandat am Gemengerot zeréck.**

Den 16. Dezember 2021 huet de Marcel Humbert zesummen mat den Oppositiounsparteien CSV an DP géint de Budget 2022 an géint de rektifizéierten Budget 2021 gestëmmt.

An esou engem Fall gesäit d' Gemengegesetz fir, datt dono ee Mësstrauensvote géint den Schäfferot gefrot ka ginn, wat dann och prompt vun den Memberen aus den Oppositounsparteien a mat der Ënnerschrëft vum Marcel Humbert geschitt ass.

De Marcel Humbert huet doduerch net nëmmen alles verroden woufir hien während Jorzéngten militéiert huet, mee och all seng Komeroden a Kollegen déi zesumme mat him Politik an der LSAP gemaach hunn. De Marcel Humbert, dee seng Partei am Stach gelooss huet, stellt säi politescht an gesellschaftlech Schaffen vun de leschten 30 Joer a Fro an säin Engagement fir d'Partei ass domat staark relativéiert ginn. E weist elo säi richtegt Gesiicht an beweist datt et him net em d'Wuel vun eiser Gemeng geet, mee nëmmen em seng privat Rachegelüste.

Säi Mandat am Gemengerot ass awer ee Mandat wat der LSAP zousteet, an deem Sënn fuerderen Mär de Marcel Humbert op, aus dem Gemengerot ze demissionéieren an säi Mandat un d'LSAP, déi Partei déi hien duerch seng Participatioun um Mësstrauensvote verroden huet, zeréck ze ginn.

Domat wier dee politesche Coup vun CSV an DP och eriwwer an d'Gemengegeschäfter kéinten normal mat der LSAP-Déi Gréng Majoritéit viru lafen.

D'LSAP KälTéiteng ass der Meenung dass eis Gemeng an hir Bierger Besseres verdéngt hunn wéi dat wat déi politesch Hasardeure vun CSV an DP elo amgaang sinn ze inszenéieren.

LSAP KälTéiteng